

Lëtzebuerg, den 02. Januar 2024

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Aarbechtsminister weiderzeleeden:

*„Virun iwwer zeng Joer ass d'Adem via Gesetz reforméiert ginn.
Aus der "Administration de l'Emploi" ass deemools eng Agence
ginn, d'"Agence pour le développement de l'Emploi".*

*An deem Kontext wollt ech dem Här Aarbechtsminister folgend
Froe stellen:*

- *Ass schonn eng Evaluatioun vun dëser Reform duerchgefouert ginn? Wa jo, wat sinn d'Conclusiounen aus dëser Analys? Wann nee, wéini kéint esou eng Evaluatioun an d'Weeër geleet ginn?*
- *Wéi huet sech d'Zuel vun den Agenten, déi bei der Adem schaffen, zanter der Reform entwéckelt? Wéi eng verschidde Beruffsprofiler gëtt et bei der Agence? Wéi vill sinn der am Statut vum Staatsbeamten an dem "Employé public" engagéiert?*
- *Wéi vill "Demandeurs d'emploi" sinn aktuell an de Weiderbildung vum der Adem ageschriwwen - speziell am Programm « Fit for digital »?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu